# Wien as Här Wagner?

## Froen zur RTL-Sendung mam Bëschof

Zur RTL-Sendung vum 20.12.1991 hätt ech e puer Froen un den Här Franck an ech erlabe mer, déi direkt öffentlech ze stellen, well ech mer schlecht ka virstellen, dass Hien mir géng äntwerten, wann e Bréif mat 144 Ennerschrëften (27.04.1991) emol keen accusé de réception wäert war.

Mee vir d'éischt zu deem, wat an der Sendung gesot gin as:

*C.W.: Jo, ech hätt do nach eng Fro: Fir wat däerf e Mann, wéi den Här Wagner, nët weidermaachen, wann séng Methoden et fäerdeg bréngen, fir d'Leit an d'Kïrch ze lackelen an ze bréngen? Dir schwätzt dervun, dass ëmmer manner Leit an d'Kïrch gin, fir wat bremst Der dann esou Leit?*

F.F.: Wien as Här Wagner ?

*C.W.: Den Här Wagner vun Nidderaanwen.*

F.F.: Ah.... Jo, ech mengen, dat as dat hei, looss mer ofgesin elo vun dem Fall, also vum Här Wagner, ech mengen déi Saach huet sech jo geléist; eng aner Sach as, wann... an der Kïrch selwer muss ee sech jo och u gewëss Bestëmmungen halen. Ech mengen et kann een net einfach sech iwer doktrinell Saachen oder aner Saachen ewech setzen; et as z.B. och a puncto Gottesdéngscht... Liturgie huet ganz besonnesch Regelen an et ka kee selwer Liturgie feieren no séngem Gutdünken, esou gin et eng ganz Rei Saachen, dat kann d'Kïrch nët nokucken, well se do och sech géng opgin.

*C.W.: Och wann dat de Leit méi gefällt oder méi no wär, ech mengen d'Äntwert war jo awer do zu Nidderaanwen.*

F.F.: Also ech mengen, dass ët e bësschen dat hei... also Abstraktioun gemach...

*C.W.: ...vun engem Cas.*

F.F.: vun engem Cas mengen ech, deen lues a lues sech selwer vun der Liturgie... los mer soen fir d'Leit an d'Kïrch ze zéien, sech eng eege Liturgie mecht, lassléist vun der offizieller Liturgie vun der Kïrch, wat ass dann do dé groussen Ennerscheed op eemol zwëschen deem an enger Sekt?

*C.W.: Jo..*

F.F.: Also ech wëll nët soen, nët gleichsetzen Sekt mee...

"Katholiksein ist nicht schwer - Christsein dagegen sehr." Wann een europawäit a weltwäit gesäit, wat vu Roum ënnerholl gët fir déi Fënsteren, déi d'zweet vatikanescht Konzil opgemaach hat, erëm zouzemaachen, läit d'Fro no, ob et nët besser as, deen éischten Deel vun deem Saz ze vergiessen an ze probéieren deen zweten ze liewen.

(...)

*R.A.: As d'Kiirch an deem Sënn keng Demokratie?*

F.F.: D'Kiirch ass keng Demokratie.

*P.B.: D'Kiirch as keng Demokratie, wéi gitt Dir dann mat äre kritesche Leit zu Lëtzebuerg ëm? Grad déi Geschicht ëm de Paschtouer Wagner huet jo dach vill béist Blutt gemaach bei dene soe mer méi engagéierte Chrëschten, déi méi kritesch un d'Sachen erugin, déi awer fir sech an Usproch huelen gleweg Chrëschten ze sin. Do si jo och Virwërf komm, dass eben duerch dat Verhalen vun der Kirch d'Kirchen och méi eidel gin.*

F.F.: Also ech mengen et as dat heien, dat alles muss a soll op den Dësch geluegt gin an driwer geschwat gin, an dat an enger Offenheet an enger Dialogberetschaft; natiirlech nët polariséieren, nët mat emotionalen Argumenter, me einfach sachlech an eben da versichen, en Auswee ze fannen. Dat war och de Fall op der Synod; op der Synod sin och vu Bëschofssäit méi eng... méi eng quackleg Fro gestallt huet, mee ech mengen. ët ass wichteg, an dat hun ech vun Ufank u gesot, an dat geschitt och, dass mer all Problemer op den Dësch leën, se innerkiirchlech beschwätzen a virun allem am géigensäitege Respekt an an der Offenheet virun deem aneren.

**Meng Froen:**

*- déi Sach huet sech jo geléist.*
Also fir den Här Franck schéngt sech "déi Sach" esou gudd geléist ze hun, dass Him den Numm nët méi direkt eppes seet. Mee ausser Him ware jo vill aner Leit betraff, an do as déi Sach nach esou bal nët geléist.

*- zum Beispill a Punkto Gottesdéngscht, Liturgie huet d'Kiirch bestëmmte Regelen, an et ka kee selwer Liturgie feieren no sëngem Gutdünken.*
Den Här Wagner hat vum Här Hengen virun 19 Joer d'Erlaabnis kritt, fir nei Weër an der Pastoral auszeprobéieren, esou wéi hien dat zu Paräis geléiert hat, an hien huet dem Här Hengen doriwer Rapport gemaach.

Ech géng gär wëssen, a wat fir präzise Punkten d'Liturgie zu Nidderaanwen am Widdersproch géng stoen zu där vun der Kiirch (well vun de Formen hir huet sech säit dem September nët esou vill geännert)?

Wéi wëllt den Här Franck dat iwerhaapt beurtelen, ouni je derbei gewiescht ze sin an ouni mat de Leit vun der Por geschwat ze hun ?

*- eng ganz Rei Sachen, déi kann d'Kiirch nët nokukken, well se do och sech géng opgin.*

**Wat oder wie as da fir den Här Franck d'Kiirch?**

As dat eng Institutioun mat gewësse Regelen a Gesetzer, un déi een sech muss haalen, fir an der Rei ze sin oder as et eng lieweg Gemeinschaft vu Chrëschten, déi musse probéieren an der Gesellschaft vun haut hire Glawen ze liewen a wou d'Formen mussen ugepasst gin.

*- dat alles muss a soll op den Dësch geluegt gin an driwer geschwat gin an dat an enger Offenheet an an enger Dialogberetschaft*
*- dat hun ech vun Ufank u gesot an dat geschitt och, dass mer all Problemer op den Dësch leën, se innerkiirchlech beschwätzen a virun allem am gegensäitege Respekt an an der Offenheet ee virun deem aneren*

Et géng mech intresséieren, wou deen Dësch steet, vun deem den Här Franck schwätzt? As dee vläicht nach nët vu Roum geplënnert oder as domat den Dësch gemengt, un deem déi Häre vum Doumkapitel Hir Sëtzungen ofhaalen an dat ouni mat deene betraffene Leit ze schwätzen.

Am Fall vun Nidderanwen huet keen Dialog stattfond, an den Här Franck huet bis haut op kee vun de Bréiwer vun der Por geäntwert.

Et waren nach vill aner Punkten an der Sendung vum 20.12.1991, op déi ee misst agoen, an engem Lieserbréif as nët genuch Plaz dofir. Mee ët kéint ee sech jo eng Kéier zesummen un dee berühmten Dësch setzen, fir iwer all déi Problemer ze schwätzen.

Am éischte Bréif vun der Por Nidderaanwen (cf. "forum" Nr. 127) stoung: "Mir géifen gär mat Iech iwer all déi Problemer schwätzen, déi zu dëse Positioune geféiert hun a mir sin nët d'accord, dat d'Problemer elo ënnert den Dësch gekiert gin, well domat sin se nët geléist."
Also, "déi Saach" huet sech nët geléist, fir mech op alle Fall nët.

**Josée Reichling**
**22.12.1991**

## Et war mol nët en Timber wäert...

**De folgenden Beitrag konnt an der leschter Nummer aus technesche Grënn nët bruecht gin. Leider as e weiderhin aktuell.**

Viru méi wéi sechs Méint hat d'Por Nidderaanwen-Sennéng-Sennéngerbierg dem Här Fernand Franck, Bëschof vu Lëtzebuerg, e Bréif geschriwwen, fir Hien op e Gespréich anzelueden. Bis haut as dorop nach ëmmer keng Äntwert komm, obschon nach zwee Bréiwer an de Bistum geschéckt gi sin, an obschon den Här Bëschof bei verschiddene Geleënheten d'Wichtegkeet vum Dialog ënnerstrëicht a séng Beräetschaft dozou erkläert!? Och den Här Schiltz, deen den 20. Juni 1991 fir e Gespréich mam Porrot zu Nidderaanwen war, an deen nach eng Kéier de Wonsch zu deem Gespréich dem Här Bëschof sollt virbréngen, schéngt also näischt erreecht ze hun.

Vum 1. September un as den Här Weirig als Paschtouer fir d'Por zoustänneg an dat nieft séngen verschiddenen aneren Haaptbeschäftegungen.

Am Bréif vum 27. Abrëll 1991 stong: "Mir hun eng ganz Rei Froen, iwer déi mir mat Iech gäre géngen diskutéieren, a mir wollten Iech froen, ob Dir bereet wäert, ob Nidderaanwen ze kommen fir mat eis